piraten.lu

N°3049
Entrée le 16.10.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 17.10.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/10/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht & Wirtschaft weiderzeleeden.**

Eis Wirtschaft ass matten an enger grousser Ëmstrukturéierung, bedéngt duerch d'kënschtlech Intelligenz (KI). Vill gréisser Firme setzen elo schonn op KI a spueren domadder bei administrative Prozeduren oder Analyse vill Aarbechtsstonnen. Deementspriechend gi vill Leit net méi fir dës Aufgabe gebraucht. D'Fondation IDEA schreift an engem Artikel vum 1ten Oktober: *"Selon les dernières statistiques publiées par Eurostat, 24% des entreprises du Luxembourg ont utilisé des technologies d'intelligence artificielle (IA) en 2024, soit dix points de plus que la moyenne de l'UE. Ce chiffre place le Grand-Duché parmi les pays les plus avancés en matière d'adoption de l'IA par les entreprises."*

No engem Artikel op bloomberg.com vum 8te Januar kéinte mëttelfristeg am Bankesektor eng 200.000 Aarbechtsplazen duerch kënschtlech Intelligenz ersat ginn. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro n°1882 hat d'Regierung op eng Etüd vun CMS verwisen, wou Ried ass, dass 6% vun den Aarbechtsplazen zu Lëtzebuerg kéinten duerch KI verschwannen. Bei der ADEM ginn an engem Aarbechtsdokument Zuehlen presentéiert, wou Ried ass, dass bis zu 32% vun den Aarbechtsplazen zum Deel kéinten duerch KI ersat ginn, a 14% komplett.

Wann een d'Zuele beim STATEC kuckt zum Emploi national, da fält op, dass an de leschte Méint d'Unzuel un Aarbechtsplazen erofgaangen ass. Op ee Joer gekuckt sinn net méi Aarbechtsplaze besat ginn. Am Budget fir 2025 rechent d'Regierung mat enger Entwécklung vu just 1% pro Joer bei den Aarbechtsplazen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Aussiichten huet d'Regierung iwwert d'Entwécklung vu weideren Aarbechtsplazen hei am

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

Land?

2. Wäert d'Unzuel un Aarbechtsplazen eropgoen oder erofgoen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten